FRÉIJOER 2017 SUMMER

LEADER

Lëtzebuerg West

Regionalmagasinn - Magazine régional n°16

Mam Vëlo ënnerwee
En route à vélo

Regionalmagasinn n°16
Magazine régional n°16

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange

LEADER
Lëtzebuerg West
www.letzebuergwest.lu

LEADER Lëtzebuerg West

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange

Inhaltsverzeechnes

Table des matières

Editorial 2-3

Vëlo

Eng grouss Entwécklung fir de Vëlo am Weste vum Land
Une grand évolution pour le vélo dans la région ouest du pays 4-5

Mam Vëlo ënnerwee
En route à vélo 8-11

Praktesches zum Vëlo an der Regioun
Infos pratiques sur le cyclisme dans la region 12-13

„Mir sinn eng grouss Famill“
«Nous sommes une grande famille» 14-17

Vakanz um Vëlo an der Regioun
Des vacances à vélo dans la region 18-19

Op de Spuere vum Nicolas Frantz
Sur les traces de Nicolas Frantz 20-21

LEADER

Aktuell LEADER-Projeten
Projets LEADER actuels 22-23

Den Doud a sengen Äerm 24

LINC 2017 25

Deemols...
Autrefois... 26-27

Agenda 28

Like us on facebook!

Impressum

Editeur:
LAG Lëtzebuerg West
1, rue de l'Eglise
L-7481 Tuntange
T : +352 26 61 06 80
E : lw@leader.lu
W : www.letzebuergwest.lu

Redaktioun:
Marc Angel-insitu, Joé Geimer, Monique Goldschmit, Ralph Letsch, Sarah Mathieu, Natalia Sanchez, Michèle Thinnes

Fotoen:
Sarita Brown, Bett+Bike Deutschland, CFL, Raymond Clement, Marc Dentzer, Monique Goldschmit, Interpub, KlimaForum, David Laurent, LVI, Mobilitéitszentral, SIT Mersch, Michèle Thinnes, Serge Waldbillig/ Luxemburger Wort, Jeannot Weber, Aschmann Pol & Mey Théo, Copyright Photothèque VdL

Layout:
Rose de Claire, design.

Drock:
Imprimerie Centrale

Oplo:
13.800 Stéck

Datum:
1. Juni 2017

Regionalmagasinn n°16
Magazine régional n°16

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange

LEADER
Lëtzebuerg West
www.letzebuergwest.lu

Foto : KlimaForum, Michèle Thinnes, Jeannot Weber

Léif Lieser,

Wéi Dir gesitt a liest, dréint sech an dëser Ausgab vum Regionalmagasinn Lëtzebuerg West alles ëm de Vëlo. An domatter wiere mer och scho bei den Neierungen. No räichlechen Iwwerleeungen ass eise Comité zum Entschloss komm, eis Kommunikatiounsmëttel unzepassen. Sou wäert Dir de Regionalmagasinn ab elo zweemol d'Joer an Ärer Bréifkëscht fannen, an dat mat enger Ausgab Fréijoer/Summer an enger Ausgab Hierscht/Wanter. All Ausgab wäert sech haaptsächlech ëm een Thema dréinen, dës Kéier de Vëlo. Ergänzt ginn dës Artikele mat Informatiounen zu weidere LEADER-Projeten an Interessantem aus der Regioun.

Gläichzäiteg hu mir beschloss, d'Newsletter a Pabeierform duerch eng digital Newsletter ze ersetzen. An den nächste Méint wäert Dir d'Geleeënheet hunn, lech online fir dës Newsletter anzedroen. Zousätzlech hutt Dir d'Méiglechkeet, lech iwwert d'Neiegkeeten an der Regioun iwwert eis Facebook-Säit ze informéieren. Luusst einfach emol op Facebook LEADER Lëtzebuerg West eran an haalt lech um Lafenden, wat alles an der Regioun lass ass.

A fir zeréck op d'Thema Vëlo ze kommen: eis Regioun huet wonnerschéin Ecken, déi ee ka mam Vëlo kenneléieren. Entstëbst Äre Vëlo oder profitéiert vun den neie Vëlolocatiounsstatiounen an der Regioun, besuergt lech eng vun den neie Vëloskaarten a lass geet et! A wann d'Been ze schwéier fir de Réckwee ginn, da loosst lech Äre Vëlo mam Zuch gratis mat op déi nächst Gare transportéieren. Vill weider Iddien an Informatioune ronderëm de Vëlo fir an der Fräizäit an am Alldag fannt Dir op den nächste Säiten. De Weekend steet virun der Dier an de Summer och!

Deemno wënsche mir lech eng flott Lektür an e schéinen Ausfluch heiheem.

D'Mataarbechterinne vum LEADER-Büro

Chers lecteurs,

Comme vous pouvez le constater, cette édition du magazine régional Lëtzebuerg West met en vedette le vélo. Voilà qui nous amène sans tarder vers les nouveautés. Après mûres réflexions, notre comité a décidé d'adapter nos moyens de communication. Dorénavant, vous trouverez votre magazine régional deux fois par an dans votre boîte à lettres, avec une édition printemps/été et une édition automne/hiver. Chaque numéro portera principalement sur un sujet, qui est cette fois, vous l'aurez compris, le vélo. Ces articles seront complétés par des informations sur divers projets LEADER et autres nouveautés intéressantes de la région.

En même temps, nous avons décidé de remplacer la newsletter sur papier par une version digitale. Lors des mois à venir, vous aurez le loisir de vous inscrire pour cette newsletter. N'hésitez pas non plus à nous rendre visite sur notre page Facebook LEADER Lëtzebuerg West pour être au courant de ce qui se passe dans la région.

Mais revenons à nos vélos! Vous savez sans doute que la région regorge de coins charmants facilement accessibles aux cyclistes. N'attendez plus pour dépoussierer votre bécane ou alors profitez d'une des nouvelles stations de location de vélos dans la région, procurez-vous une carte vélo et allez-y! Et si jamais vos jambes s'alourdissent, il suffit de faire transporter votre vélo jusqu'à la gare la plus proche.

D'autres idées et informations réjouissantes sur le vélo dans le quotidien et les loisirs vous attendent sur les pages qui suivent. Le weekend approche, l'été n'est plus bien loin...

Nous vous souhaitons une bonne lecture et de belles excursions tout près de chez vous.

Les collaboratrices du bureau LEADER

Text : Sarah Mathieu, Michèle Thinnes
Foto : Marc Dentzer, Monique Goldschmit, KlimaForum, Michèle Thinnes

Eng grouss Entwécklung fir de Vëlo am Weste vum Land

Une grande évolution pour le vélo dans la région ouest du pays

Virun e puer Joer huet d'Regioun LEADER Lëtzebuerg West sech dem Vëlossecteur ugeholl, an den Inventaire vun all de Weeër, déi mam Vëlo befuer kënne ginn, gemaach. Op Basis vun dësem Inventaire ass d'Kaart « Natur-Zeit-Reise », déi 2009 an 2011 veröffentlecht gouf, entstanen.

2014 huet en interterritoriale Projet den Inventaire op den Territoire vum Réidener Kanton a vun der Gemeng Mäerzeg erweidert. E Rapport beschreift d'Weeër an de Regioune Lëtzebuerg West an Atert/Wark, op deenen ee mam Vëlo ka fueren an déi markéiert ginn.

Dëse Projet an déi, déi sech dorausser erginn, sollen déi duuss Mobilitéit verbesseren an de Vëlostourismus förderen duerch d'Bereetstelle vu strukturéierten a securiséierte Circuiten, adaptéierte Servicer an aktualiséiertem Informatiounsmaterial.

2016 ass eng Vëlosbeschëlderung am ganze Weste vum Land opgeriicht ginn. Mam Ëmsetze vun dësem Projet an enger enker Zesummenaarbecht mam Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture waren déi zwou Regioune Lëtzebuerg West an Atert/Wark déi éischt, déi di nei Vëlosbeschëlderung, déi op nationalem Niveau entwéckelt gouf, opgestallt hunn.

Parallel dozou ass eng Kaart vun de Vëlosweeër am Weste vum Land ausgeschafft a veröffentlecht ginn. Op dëser Kaart si sämtlech touristesch Informatiounen, mä och zwee Touristentouren am Réidener Kanton an zwee Streckevirschléi am Westen agedroen.

Den éischten Tour - **Wisen West Tour** genannt - geet iwwert eng Distanz vu 36 km. Op sengem Tracé leien de Jhanglismusée a fräier Natur zu Nidderpallen, de Schifermusée zu Uewer-Maartel, d'Millen zu Biekerech, an d'Kierch an de Musée Thillenvogtei zu Randschelt. Dësen Tour mat héijem Schwieregkeetsgrad féiert iwwer kleng goudronnéiert Weeër an iwwer Pied, mä och iwwert e Stéck vum nationale Vëloswee PC17, dee Réiden un der Atert mat Ueschdref verbënnt. Dëse Wee, dee kräiz a quier iwwert d'Felder geet, offréiert eng fantastesch Aussiicht iwwer d'Natur an déi charmant Dierfer vun der Géigend. E féiert duerch Réiden op der Atert, Rammerich, Kietscht, Uerschdref, Heeschpelt, Randschelt, Wal, Bëschrued an Osper, an och duerch d'Gemeng Préizerdaul. En Héichtenënnerscheed vu bal 80 m tëschent Osper a Proz, vun 100 m tëschent Wal a Proz a vun 100 m an der Sortie vun Ueschdref a Richtung Heeschpelt ass virzegesinn. D'Cycliste mussen och mat enger Montée vu 15 % am Ausgang vu Randschelt a Richtung route de Grevels rechnen. Dëse Circuit kann a béid Direktioune gefuer ginn, mä en ass manner ustrengend an d'Richtung, wéi d'Auer dréint.

Den zweeten Tour - **Dällchen West Tour** genannt - geet iwwert eng Distanz vu 24 km. Op sengem Tracé leien de Musée Michel Lucius zu Rëmerech, d'Useldenger Schlass an d'Kopie vum réimesche Mosaik virun der Gemeng vu Viichten. Ee Stéck vun dëser Streck mat héijem Schwieregkeetsgrad féiert iwwert de nationale Vëloswee PC12, deen dësen Tour mam *Wisen West Tour* verbënnt an en Zougang op d'Garë

Il y a quelques années, la région LEADER Lëtzebuerg West s'est lancée dans le développement du secteur vélo en dressant l'inventaire de tous les chemins praticables en vélo. C'est sur la base de cet inventaire que la carte « Voyage dans la nature et dans le temps » publiée en 2009 et 2011 a été élaborée.

En 2014, un projet interterritorial a pris la relève en élargissant l'inventaire au territoire du canton de Redange et de la commune de Mertzig. Un rapport reprend les chemins situés dans les régions Lëtzebuerg West et Atert/Wark qui se prêtent au cyclisme et qui font l'objet d'un balisage.

Ce projet et les projets qui en résultent ont pour objectif d'améliorer la mobilité douce et de promouvoir le tourisme cyclable à travers la mise à disposition de circuits structurés et sécurisés, de services adaptés et de documents d'information actualisés.

En 2016, des panneaux signalétiques pour cyclistes ont été installés dans tout l'ouest du pays. Grâce à la mise en œuvre de ce projet et à une collaboration étroite avec le Ministère du Développement durable et des Infrastructures, les deux régions Lëtzebuerg West et Atert/Wark ont été les premières à installer les nouveaux panneaux signalétiques développés au niveau national.

Parallèlement, une carte des voies cyclables de l'ouest du pays a été conçue et publiée. Cette carte comprend toutes les informations touristiques, ainsi que deux tours touristiques dans le canton de Redange et deux suggestions de tours dans l'ouest.

Le premier tour, nommé **Wisen West Tour**, s'étend sur une distance de 36 km et passe par le musée ferroviaire en plein air de Niederpallen, le musée de l'Ardoise à Haut-Martelange, le moulin de Beckerich, de même que l'église et le musée *Thillenvogtei* à Rindschleiden. D'un degré de difficulté difficile, ce tour emprunte de petites routes asphaltées et des sentiers, ainsi qu'un tronçon de la piste cyclable nationale PC17 qui relie Redange-sur-Attert à Arsdorf. Sillonnant les prairies, il offre des vues magnifiques sur la nature et les charmants villages de la région. Il traverse les villages de Redange-sur-Attert, de Rambrouch, de Koetschette, d'Arsdorf, de Heispelt, de Rindschleiden, de Wahl, de Buschrodt et d'Ospern, de même que la commune de Preizerdaul. Un dénivelé de près de 80 m entre Ospern et Pratz, de 100 m entre Wahl et Pratz et de 100 m à la sortie d'Arsdorf en direction de Heispelt sont à prévoir. Une montée de 15 % à la sortie de Rindschleiden vers la route de Grevels attend les cyclistes. Ce circuit peut se pratiquer dans les deux sens, mais il est moins exigeant dans le sens horaire.

Le deuxième tour, nommé **Dällchen West Tour**, s'étend sur une distance de 24 km. Sur ce tracé se trouvent le musée Michel Lucius à Reimberg, le

vu Colmer-Bierg a Klengbetten bitt. Dës Streck féiert virun allem iwwert kleng hiwweleg an och emol onstabiliséiert Stroossen, an offréiert de Vëlosfuerer eng wonnerschéin Aussiicht iwwert d'Regioun. Se geet duerch Useldeng, Schweebeg, Rippweiler, Iewerleng, Rëmerech a Béiwen un der Atert. En Héichtenënnerscheed vu bal 100 m tëschent Iewerleng a Rëmerech, oder an di aner Richtung, tëschent Béiwen un der Atert a Rëmerech, a vu 50 m a Richtung Rippweiler ass virzegesinn.

Well dës zwee Toure keen Ausgangspunkt hunn, ass et de Vëlosfuerer iwwerlooss, op wéi enger Plaz se d'Circuite wëllen ufänken.

Op der Kaart vun de Vëlosweeër ass och den Tour **Le sud de la région** agedroen. Dëse Rondwee vu 24 km geet iwwer Mamer, Holzem, Garnech, Koler, d'PC12 an d'PC13, an dann erëm iwwer Mamer. En huet e gerénge bis mëttlere Schwieregkeetsgrad an exploréiert de Süde vun der Regioun Lëtzebuerg West. Dësen Tour, deen aus Felder- a Bëschlandschafte besteet, kann ëm 19 km verlängert ginn iwwer Héiweng, éier et op d'PC12 geet.

Parallel zur Vëlosbeschëlderung, déi opgeriicht ginn ass an der Kaart, déi ausgeschafft gouf, ass d'Aféierung vun engem **Vëlolocatiounssystem fir d'Regioun Lëtzebuerg West** studéiert ginn. D'Awunner an d'Visiteure wäerte während der Saison 2017 fir d'éischt vu sou engem Locatiounssystem profitéiere kënnen.

château d'Useldange et la copie de la mosaïque romaine devant la mairie de Vichten. Une partie de cet itinéraire d'un degré de difficulté difficile emprunte la piste cyclable nationale PC12, qui relie ce tour au *Wisen West Tour*, et par laquelle il est possible d'accéder aux gares de Colmar-Berg et de Kleinbettingen. Cet itinéraire passe essentiellement par de petites routes vallonnées, parfois au sol non stabilisé, et laisse en mémoire des cyclistes des vues splendides sur la région. Il traverse les villages d'Useldange, de Schwebach, de Rippweiler, d'Everlange, de Reimberg et de Boevange-sur-Attert. Un dénivelé de près de 100 m entre Everlange et Reimberg ou, dans l'autre sens, entre Boevange-sur-Attert et Reimberg, et de 50 m vers Rippweiler sont à prévoir.

Étant donné que les deux tours n'ont pas de point de départ, vous avez la possibilité de commencer ces circuits en boucle, à l'endroit qui vous convient le mieux.

La carte des voies cyclables reprend également la randonnée **Le sud de la région**. Ce tour circulaire de 24 km, qui passe par Mamer, Holzem, Garnich, Kahler, la PC12 et la PC13, puis de nouveau par Mamer, est de niveau facile à moyen et explore le sud de la région Lëtzebuerg West. Composé de paysages de prairies et de forêts, il peut être prolongé de 19 km vers Hautcharage via Hivange avant de rejoindre la PC12.

Parallèlement à l'installation de panneaux signalétiques et à l'élaboration de la carte, la mise en place d'un **système de location de vélos** a été étudiée pour la région Lëtzebuerg West. Les habitants et les visiteurs pourront profiter pour la première fois d'un tel système de location pendant la saison 2017.

Vëlolocationsstatiounen an der Regioun Lëtzebuerg West:
Stations de location de vélos dans la région Lëtzebuerg West :

- Biereng/Miersch, Hotel Martha: Locatiounsstatioun E-Bike, Opluetstatioun E-Bike, Vëlolocatioun op Ufro
  Beringen/Mersch, Hotel Martha : station de location de vélos électriques, borne de recharge pour vélos électriques et location de vélos conventionnels sur demande
- Klengbetten, Hotel Jacoby: E-Bike- a Vëlolocatioun op Ufro
  Kleinbettingen, Hotel Jacoby : location de vélos électriques et de vélos conventionnels sur demande
- Huelmes, Jugendherberg: E-Bike- a Vëlolocatioun op Ufro
  Hollenfels, Auberge de jeunesse : location de vélos électriques et de vélos conventionnels sur demande
- Simmer, Camping *Simmerschmelz*: Opluetstatioun E-Bike
  Septfontaines, Camping *Simmerschmelz* : borne de recharge pour vélos électriques
- Miersch, Park a Schwämm Krounebierg: Opluetstatioun E-Bike
  Mersch, parc et piscine *Krounebierg* : borne de recharge pour vélos électriques
- Zousätzlech: Locatiounssystem *Mamer Vëlo* zu Mamer (Gare, Mamer Schlass), Kapellen (Gare, Centre culturel) an Holzem (Festsall)
  En plus : système de location *Mamer Vëlo* à Mamer (gare, *Mamer Schlass*), Capellen (gare, centre culturel) et Holzem (Salle des fêtes)
- Regioun Atert/Wark: Useldeng, Info-Point: Locatiounsstatioun E-Bike an Opluetstatioun E-Bike
  Région Atert/Wark : Useldange, Info-Point : station de location de vélos électriques et borne de recharge pour vélos électriques

www.bikestation.lu **www.mamer.lu**

INFO

Déi zweet Editioun vun der Kaart vun de Vëlosweeër ass elo disponibel! An dëser Editioun goufen och d'Vëlo- an E-Bikelocatiounsstatiounen opgezeechent. Dir kënnt déi nei Kaart vun de Vëlosweeër beim LEADER-Büro (lw@leader.lu) oder beim Syndikat *De Réidener Kanton* (caroline.schmit@reidener-kanton.lu) bestellen.

La deuxième édition de la carte des voies cyclables est désormais disponible ! Dans cette édition, les stations de location de vélos conventionnels et de vélos électriques sont également intégrées. Vous pouvez commander la nouvelle carte des voies cyclables auprès du bureau LEADER (lw@leader.lu) ou du Syndicat De Réidener Kanton (caroline.schmit@reidener-kanton.lu).

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange

Text: Monique Goldschmit
Fotoen: Monique Goldschmit, Interpub, Michèle Thinnes, Jeannot Weber

Mam Vëlo ënnerwee

Wollt Dir schonn ëmmer emol mat Genoss an enger schéiner Landschaft Vëlo fueren? Da probéiert emol... direkt virun Ärer Hausdier!

Op mengen Touren duerch eist Land mam Vëlo huet de Weste mech ëmmer besonnesch faszinéiert. De nationale Vëloswee PC12 ass ee vun eise schéinsten hei am Land.

Ech huelen lech mat op e Vëlostour duerch dës interessant an ofwiesslungsräich Géigend. Mäin Tour fänkt un op der Gare zu Klengbetten. Dëst ass e gudden Ausgangspunkt, well just e puer honnert Meter vun do ass ee schonns op der PC12 Richtung Stengefort an der PC13, déi vu Garnech/Mamer kënnt.

En route à vélo

Parcourir de beaux paysages à vélo, cela vous ferait-il plaisir? Et si vous faisiez un essai, juste devant votre maison!

Lors de mes randonnées cyclistes à travers notre pays, l'Ouest m'a toujours particulièrement fasciné. La PC12 fait partie des plus belles pistes cyclables du Grand-Duché.

Je vous invite à faire un tour dans cette contrée intéressante et variée. Prenons pour point de départ la gare de Kleinbettingen, qui présente l'avantage de se situer à quelques centaines de mètres de la PC12 en direction de Steinfort et de la PC13 venant de Garnich/Mamer.

Duerch Bëscher an iwwert Felder mat enger schéiner Heckelandschaft geet et iwwert eng al Eisebunnsstreck a Richtung Norden. Et ass ewéi wann een an eng aner Welt versat wär. Et ass roueg, de Wand bléist duerch d'Bëscher a bei de Wise bleiwen ech kuerz stoen, fir déi Rou ze genéissen. Zu Äischen verloossen ech de Vëloswee a fueren erof an d'Duerf Richtung Belsch. No 3 km kommen ech zu Clairefontaine um Site vum fréieren Zisterzienserinneklouschter un, dat vun der Gräfin Ermesinde Ufank dem 13. Joerhonnert geplangt a no hirem Doud 1247 vun hirem Jong, dem Heinrich dem Blonden, gebaut gouf. D'Gräfin Ermesinde ass och hei begruewen, hire Sarkophage ass op der Plaz ze gesinn.

Zréck geet et erëm op Äischen a weider op der Vëlospist duerch e ganz flotte Bësch.

Et fänkt u méi frësch ze ginn, schonns bal kal. Viru mir ass en Eisebunnstunnel, 690 m ass e laang. Et ass wierklech e besonnescht Erliefnes, fir duerch sou en Tunnel ze fueren, wou fréier den Zuch dauschend derduerch gefuer ass. 1969 ass de leschten Zuch hei gefuer. Dat si bal 50 Joer hir. 1989 ass aus der aler Eisebunnsstreck e Vëloswee ginn. Zu Näerden ass déi al Gare renovéiert. Ganz schéin ass dat Gebai. An d'Léit vun de *Janglisfrënn* maache sech e Pleséier, fir wann Dir lech mat engem Grupp umellt, eng kleng mee ganz interessant Féierung duerch hir Gare ze maachen.

Just virun Näerden soll een op alle Fall e klengen Ofstiecher (just 400 m) bis bei déi al Biekerecher Millen maachen. Dir wësst bestëmmt, dass do Drénkwaasser a Fläschen agefëllt gëtt, dat weltwäit verkaaft gëtt. Mee hutt Dir dann och schonns gesinn, wou dat Waasser aus dem Buedem erausspruddelt? Dir musst dofir net an d'Waasserfabrik goen, vis-à-vis vun der aler Millen ass e klenge Léierpad an do kënnt Dir gesinn, wéi d'Waasser vun déif aus dem Buedem eropspruddelt. Vu Biekerech kënnt Dir iwwregens och iwwer Nidderpallen op ausgeschëlderte Weeër bis op déi belsch Grenz fueren, a vun hei kann een e schéine Rondwee iwwert Atert zréck iwwert Ell op Réiden maachen.

Mäin Tour geet weider iwwert d'PC17 an de Norden. Et gëtt méi roueg. Hei sinn net méi sou vill Leit ënnerwee. Ech sinn iwwregens schonns déi ganzen Zäit op der euroVelo 5 ënnerwee. Dës europäesch Vëlosroute geet vu London bis op Roum a weider bis op Brindisi am Süde vun Italien. 107 vun den 3900 km ginn duerch Lëtzebuerg.

Nous nous dirigeons vers le Nord en traversant forêts, champs et bocages sur une ancienne voie ferroviaire. C'est un autre monde qui nous accueille. Tout est calme, le vent remue les feuillages. Au bord des prés, je m'arrête pour apprécier le silence. À Eischen, je quitte la piste cyclable pour rejoindre le village en direction de la Belgique. Au bout de 3 km, j'arrive à Clairefontaine, sur le site de l'ancien cloître cistercien planifié au début du XIIIe siècle par la comtesse Ermesinde et achevé en 1247 par son fils Henri le Blondel. C'est ici que se trouve le sarcophage de la fameuse comtesse luxembourgeoise.

De retour à Eischen, je reprends la piste cyclable qui mène vers une merveilleuse forêt. Il commence à faire frisquet. Le tunnel ferroviaire, long de 690 m, m'attend. Quelle expérience que de s'engouffrer dans cet endroit où autrefois le train passait! Ce fut il y a près de 50 ans, en 1969, que son rugissement se fit entendre pour la dernière fois. En 1989, les rails ont fait place à une piste cyclable. À Noerdange, la gare a été restaurée et transformée en musée. Les membres de l'association des *Jangelisfrënn* y offrent des visites guidées instructives sur réservation et en groupe.

Mais avant d'arriver à Noerdange, un détour d'à peine 400 m mène vers le moulin de Beckerich. Vous savez sans doute que l'eau minérale de Beckerich est exportée dans le monde entier. Mais avez-vous déjà vu l'eau des sourcs souterraines jaillir des profondeurs de la terre? Près de l'usine d'embouteillage, en face du moulin, un petit sentier didactique vous permet d'observer ce spectacle. Venant de Beckerich, vous pouvez d'ailleurs franchir la frontière belge sur des sentiers balisés passant par Niederpallen et menant vers Attert, pour retourner via Ell et Redange.

Mon tour continue sur la PC17, direction Nord. Cette partie du trajet est moins fréquentée. Notez que pendant tout ce temps, j'avance sur la euroVelo 5, route cycliste européenne qui s'étend de Londres à Rome pour continuer vers Brindisi dans le Sud de l'Italie. Cette route de 3900 km traverse le Luxembourg sur une longueur de 107 km.

Ech kommen zu Réiden un, eng kleng Stiedchen, déi mech vun Ufank un iwwerrascht huet mat hire klenge Geschäfter, déi et nach (oder erëm) am Zentrum gëtt. An der Epicerie am Duerf kritt een esouguer e Fairtrade-Kaffi an eppes Klenges ze iessen. Zu Réiden fënnt een eng Vëlosbeschëlderung, déi op den Wisen West Tour hiweist. Ech verloossen d'PC17 a fueren um Wisen West Tour bis op Osper. Et geet biergof an och direkt erëm biergop. Mee de Panorama, deen ech hei iwwert déi ganz Landschaft vum Préizerdaul hunn, invitéiert mech fir Paus ze maachen an déi Vue ze genéissen. Uschléissend ass et e Genoss, fir erof an de Préizerdaul ze fueren. Hei däerf de Vëlo duerch de *Sens unique* fueren, et gesäit een, dass eppes an der Regioun fir de Vëlo gemaach gëtt. Ech kéint elo weider iwwer Wal bis op Randschelt fueren.

Zu Randschelt kann een de Musée rural Thillenvogtei an och d'Kierch vum Hellege Willibrord, déi am 10. Joerhonnert gebaut an am 16. Joerhonnert transforméiert gouf, besichtegen. Mat hire Fresken ass se eemoleg zu Lëtzebuerg. Uschléissend kann een sech och zu Fouss op de Randschelter Pad (1,4 km) maachen.

Mee deen Tour ass fir en aneren Dag. Zu Proz verloossen ech den ausgeschëlderte Rondwee a fuere bis op Iewerleng a weider op Rëmerech. Dat ass zwar e groussen Ëmwee fir dohin ze kommen, dofir ass et awer e ganz schéine Wee. Zu Rëmerech kann een op Umeldung de Musée Michel Lucius besichtegen. Hei kritt Dir alles iwwert d'Geologie vu Lëtzebuerg verzielt.

Ech sinn um Dällchen West Tour ukomm. An et si ganz schéin Däller, duerch déi ech

J'arrive dans la charmante localité de Redange, où les petits commerces ont su garder (ou reprendre) une présence surprenante. L'épicerie locale propose même du café Fairtrade et des collations. À Redange, un balisage signale le *Wisen West Tour.* Je l'emprunte, quittant la PC17, pour aller vers Ospern. Une descente et une montée se suivent. Mais je suis récompensée par un splendide panorama sur la vallée du Préizerdaul. Après une courte pause pour admirer le paysage, je descends allègrement vers le Préizerdaul, où il est permis aux cyclistes de prendre un sens unique, preuve que le vélo est bien vu dans la région. Je pourrais à présent monter vers Wahl pour visiter Rindschleiden. On y trouve le musée rural de la Thillenvogtei ainsi que l'église St Willibrord, construite au Xe et transformée au XIVe siècle, avec ses fresques médiévales uniques au Luxembourg. Le sentier pédestre *Randschelter Pad* (1,4 km) vaut également le détour.

Mais je décide que ce sera pour une autre fois. Arrivée à Pratz, je quitte donc le circuit balisé pour aller vers Everlange et Reimberg. Plus long que le trajet officiel, ce chemin séduit par la beauté du paysage. Sur réservation, vous pouvez visiter le Musée Michel Lucius à Reimberg, où vous apprendrez tout sur la géologie du Luxembourg.

Je viens d'atteindre le *Dällchen West Tour,* sur lequel je parcours des vallées verdoyantes pour aboutir au village de Vichten. Une copie de la fameuse mosaïque gallo-romaine est installée près de la maison communale. Ensuite, j'emprunte brièvement la route nationale pour aller vers Boevange et Useldange.

hei mam Vëlo fuere bis ech zu Viichten ukommen. Eng Kopie vum Mosaik, dat am Stater Musée läit, ass hei direkt bei der Gemeng ze gesinn. De Wee féiert iwwert eng kuerz Streck iwwert d'Strooss an et geet weider iwwer Béiwen bis op Useldeng.

Zu Useldeng beim Schlass ass e Stopp obligatoresch. Huelt lech e bëssen Zäit, fir bis laanscht de Wier vun der Atert a bis erop bei d'Schlass ze goen.

Ech verloossen elo de Westen a fueren iwwert d'PC12 weider bis op Colmer-Bierg. Vun hei kann een erëm den Zuch Richtung Miersch a Stad huelen. Mee och iwwert d'PC15 fiert ee ganz schéin duerch Bëscher a Wise bis op Miersch.

Et gi vill Varianten, fir de Weste vu Lëtzebuerg mam Vëlo ze entdecken. Dass een dat alles mam Vëlo kann erliewen, ass engem gutt ausgebaute Vëlosnetz ze verdanken, mat enger neier, duerchgängeger an eenheetlecher Beschëlderung fir déi ganz Regioun. Eng detailléiert Kaart mat alle Vëlosweeër kënnt Dir beim LEADER Lëtzebuerg West kréien.

Ob mat engem Vëlo mat eegener Muskelkraaft oder mam E-Bike (dee virun allem beim Wisen West Tour an den Asaz kënnt), engem interessanten an erhuelsame Vëlostour duerch eng vun de flottste Géigenden zu Lëtzebuerg steet näischt méi am Wee.

Iwwerzeegt lech selwer a fuert mam Vëlo duerch dës schéi Regioun. Et gi vill Varianten, där einfacher Weeër an där Touren, mat méi Erausfuerderung.

Vläicht gesi mir eis do! Et géing mech freeën. Ech wäert ëmmer erëm do ënnerwee sinn.

Une escale s'impose: ne râtez pas l'occasion de visiter le château d'Useldange, situé sur une hauteur au-dessus de l'Attert.

Je laisse l'Ouest derrière moi pour gagner la PC12 en direction de Colmar-Berg. C'est ici que vous pouvez prendre le train vers Mersch et Luxembourg-Ville. Mais la PC15 permet également d'atteindre Mersch sur un ravissant trajet par prés et forêts.

Il existe de nombreuses variantes pour découvrir l'Ouest du Grand-Duché à vélo. Ceci est possible grâce à un réseau cyclable bien élaboré, avec un nouveau balisage continu et cohérent pour toute la région. Vous pouvez vous procurer une carte détaillée avec toutes les pistes cyclables auprès du bureau LEADER Lëtzebuerg West.

Que ce soit avec un vélo traditionnel ou un vélo électrique (surtout pour le *Wisen West Tour*), détente et découvertes sont au rendez-vous lors d'un tour dans une des plus belles contrées de notre pays.

N'attendez plus pour explorer ce petit paradis pour cyclistes de tous les niveaux. Peut-être que nous nous rencontrerons, ce serait un plaisir pour moi qui suis si souvent dans le coin.

Iwwerzeegt lech selwer a fuert mam Vëlo duerch dës schéi Regioun.

...un tour dans une des plus belles contrées de notre pays.

Text: Michèle Thinnes
Fotoen: CFL, LVI, Mobilitéitszentral, Jeannot Weber

Praktesches zum Vëlo an der Regioun / Infos pratiques sur le cyclisme dans la région

Veranstaltungen ronderëm de Vëlo / Manifestations autour du vélo

Wéini / Quand	Waat / Quoi	Infos
31.5 – 4.6.2017	Tour de Luxembourg	www.aotdl.com
16.6.2017	Mam Vëlo an d'Epicerie am Duerf. Geféierte Vëlostour duerch d'Däller vun der Mamer, der Äisch an der Uelzecht. / À vélo jusqu'à l'épicerie du village. Tour guidé à vélo à travers les vallées de la Mamer, de l'Eisch et de l'Alzette.	Depart Mamer Schlass / Château de Mamer. KlimaForum asbl E: jemp.weydert@pt.lu
30.6.2017	Konferenz iwwert de Charly Gaul. Tënten Conférence sur Charly Gaul. Tuntange	www.tuntange.lu
2.7.2017	Familljentour. Gemittleche Vëlostour fir Kanner mat hiren Elteren. Tour en famille. Randonnée divertissante pour enfants et parents.	Depart Mamer Schlass / Château de Mamer. KlimaForum asbl E: jemp.weydert@pt.lu
3.7.2017	Tour de France, Etapp duerch Lëtzebuerg an d'Regioun Lëtzebuerg West / Tour de France, étape traversant le Luxembourg et la région Lëtzebuerg West	www.visitluxembourg.com/fr/tour-de-france-2017
8.7.2017	Vëlosdag zu Käerch / Journée du vélo à Koerich	www.koerich.lu
16.7.2017	Alles op de Vëlo tëscht Mamer a Miersch Tous à vélo entre Mamer et Mersch	www.meco.lu
26.7.2017	Vëlostour mat Guide, Klengbetten-Colmar-Bierg. Balade à vélo avec un guide, Kleinbettingen-Colmar-Berg.	E: excursions@cfl.lu T: 4990-3838
17.9 – 7.10.2017	Tour du Duerf	www.tourduduerf.lu
24.10.2017	Natur- a Mobilitéitsdag an der Gemeng Téinten Journée de la nature et de la mobilité dans la commne de Tuntange	www.tuntange.lu

Gratis mam Zuch / Gratuitement avec le train

Op der lëtzebuergescher Bunn CFL hutt Dir d'Méiglechkeet, Äre Vëlo gratis matzehuelen. All CFL-Zuch huet eng Plaz fir Vëloen. E Logo nieft der Dier weist d'Vëloskompartiment un. Fir sécher ze sinn, datt Dir eng Plaz fir Äre Vëlo kritt, réit d'CFL lech, de Vëlo ausserhalb vun de Spëtzestonne matzehuelen. Eng Reservatioun ass obligatoresch ab enger Grupp vu sechs Leit. An der Regioun Lëtzebuerg West fannt Dir Zuchgaren zu Miersch, Mamer, Kapellen a Klengbetten.

La société des chemins de fers luxembourgeois CFL vous offre la possibilité d'emmener votre vélo gratuitement. Tous les trains de la CFL disposent d'un compartiment pour vélos, indiqué par un logo près de la portière. Pour vous assurer d'obtenir une place pour votre vélo, la CFL recommande de prendre les trains qui circulent en dehors des heures de pointe. Pour des groupes de plus de 6 personnes, la réservation est obligatoire. Dans la région Lëtzebuerg West, vous trouverez des gares ferroviaires à Mersch, Mamer et Kleinbettingen.

www.cfl.lu

Weider Iddien: / Autres suggestions:
CFL, 1000 km Lëtzebuerg:
Wander- a Vëlosweeër vu Gare zu Gare (itinéraires pédestres et cyclables d'une gare à l'autre)
ISBN 978-99959-42-06-9

mBox

An der Regioun Lëtzebuerg West stinn op de Garë Klengbetten a Miersch sougenannten mBoxen zur Verfügung. Eng mBox ass e gesécherte Raum, an deem Dir Äre Vëlo kënnt ofstellen. Domatter gëtt e bequeemt Ëmsteige vum Vëlo op de Bus oder den Zuch erméiglecht. Dir kënnt Äre Vëlo ofstellen, ouni lech Gedanken iwwert Vandalismus oder Déifstall ze maachen. Ausser dem Hannerleeë vun enger Kautioun vun 20 € ass d'Benotze vun der mBox gratis.

Dans la région Lëtzebuerg West, des *mBox* sont installées sur les gares de Mersch et de Kleinbettingen. Il s'agit d'espaces sécurisés où vous pouvez garer votre vélo sans souci, lorsque vous prenez le train ou le bus. Votre vélo est à l'abri du vandalisme et du vol. L'utilisation de la *mBox* est gratuite, à condition de remettre une caution de 20 €.

www.m-box.lu

Luxembourg by cycle

D'Ausgab 2017/2018 vun der Kaart *Luxembourg by cycle* gëtt eng Iwwersiicht iwwert dat nationaalt a regionaalt Netz vu Vëlosweeër am Moossstaf 1:100.000 a bitt dem Vëlosfuerer ë.a. Informatiounen iwwert d'Beschafenheet vun de Vëlosweeër, d'Steigungen, d'Streckendistanzen an d'Vëlolocatiounsstatiounen. D'Vëlosweeër op alen Zuchstrecke ginn ervirgehuewen. D'Markéierung vun de Garen erlaabt e bequeemt Ubannen un d'Zuchstrecken. Och d'Bed+Bike-zertifiéiert Betriber sinn op der Kaart uginn.

L'édition 2017/2018 de la carte *Luxembourg by cycle* présente un aperçu du réseau cyclable national et régional à l'échelle de 1:100.000 et fournit des informations sur les pistes cyclables: particularités, montées, distances et stations de location. Les pistes aménagées sur d'anciennes voies ferroviaires sont relevées. L'indication des gares facilite le raccordement aux chemins de fer. Les offres d'hébergement labellisées bed+bike sont également marquées sur la carte.

www.lvi.lu
LVI, Luxembourg by cycle. ISBN 978-3-936990-55-3

Vëlosbutteker
Magasins de vélos

De Vëlosatelier
110, Arelerstrooss
L-8211 Mamer
T: 27 39 76 12
www.velosatelier.lu

Ostergaard's Bike Shop
179, rue de Luxembourg
L-7540 Rolleng / Rollingen
T: 26 32 10 50
www.obs.lu

Geféiert Vëlostouren an der Regioun
Tours guidés à vélo dans la région

Office Régional du Tourisme Centre/Ouest
Guttland
T: 26 32 62 62
www.guttland.lu

Interview: Joe Geimer
Fotoen: Serge Waldbillig/Luxemburger Wort

„Mir sinn eng grouss Famill“

De Gusty Bausch fillt sech zu Bruch immens wuel

«Nous sommes une grande famille»
Gusty Bausch se sent bien chez lui à Brouch

De Gusty Bausch ass zu Lëtzebuerg bekannt wéi e bonten Hond. Hie gehéiert zur nationaler Vëloszeen. Säit ville Jore suergt hie regelméisseg fir gutt Resultater, an dat virun allem am Wanter am Cyclocross. Och am Alter vu 37 Joer zielt de Gusty nach ëmmer zu de beschte Spezialisten am Land. An ophale wëll hie soubal nach net. Esou richteg wuel fillt hie sech virun allem am Weste vun eisem Ländchen. Zu Bruch ass hien doheem. An esou séier wëll hien do och net fort.

Gusty, du bass ganz besonnesch fest mat dengem Heemechtsduerf verwuerzelt. Wéi erkläers du dir dat?

Ech sinn hei grouss ginn. Ech fille mech hei sou richteg wuel an deemno gëtt et och kee Grond, an en anert Duerf ze plënneren. Dat hei ass meng Heemecht. Ech hu mäi ganzt Liewe bis elo hei verbruecht. Hei wunnt meng Famill: Meng Eltere wunnen direkt nieft mir, meng Bom, ee vu menge Bridder, mäi Monni... Hei zu Bruch si mir alleguer no beieneen. Fir mech ass dat wichteg. Dobäi kommen dann all d'Kollegen an d'Frënn. Ech hunn ëmmer d'Impressioun, dass hei den Zesummenhalt ganz besonnesch staark ass. Mir sinn eng grouss Famill. Dat ass op anere Plaze ganz sécher net esou.

Tëschent Miersch a Mamer ginn et immens vill schéi Weeër, déi perfekt sinn, fir mam Mountainbike ze fueren. Aansebuerg, Mariendall...

Wat mécht fir dech de Charme vu Bruch an der Ëmgéigend aus?

Ech kennen hei jiddereen. D'Nopere si richteg Frënn. Et schwätzt ee mateneen an et lieft een net anonym niefteneen ouni jeemools a Kontakt ze stoen. Bruch ass kleng an heemlech. Et ass einfach anescht wéi an enger Stad ze liewen. Dobäi kënnt hei, dass mir als Club gutt mat der Gemeng harmonéieren. Déi ass ganz engagéiert, eben och well et bekannte Gesiichter sinn an een deem anere gär hëlleft.

Du bass bal esou eppes wéi d'Maskottche vum lokale Vëlosclub. Wéi gesäit et mat de Vëlosfrënn Gusty Bruch aus, wann s du eng Kéier net méi fiers?

Am Moment hu mir ronn eng Dose Memberen an och elo fir déi éischte Kéier e puer jonk Talenter. Mee et stëmmt natierlech, dass déi meescht op d'mannst 30 Joer al sinn an net méi éiweg wäerte fueren. Mee keng Angscht: Ech hunn nach net wëlles opzehalen. Ech wëll nach eng Kéier Lëtzebuerger Champion ginn. Bis elo war dat fënnef Mol bei der Elite de Fall. Leider hunn ech meng Course am Januar zu Rëmerschen an de Sand gesat. Ech war ze nervös, hunn e puer Fehler gemaach an ze fréi de Kapp hänke gelooss. Ech wëll et nach eng Kéier wëssen. Bis dass ech 40 Joer hunn, fueren ech bestëmmt nach. Et gëtt am Moment kee Grond opzehalen. Ech hu keng gesondheetlech Problemer a kann nach ëmmer mat der nationaler Konkurrenz rivaliséieren. Firwat soll ech also ophalen? A ganz éierlech: Ech hunn zwar 37 Joer, mee esou al fillen ech mech nach laang net. Fir mech ass et wichteg, dass ech och ëmmer nees eng Paus maachen: Wann ech trainéieren a Coursse fueren, da maachen ech dat zu 100 Prozent. Wann ech awer pauséieren, da schalten ech total of. Dann ass och emol erlaabt, mat Frënn op den Tour ze goen. Dat gehéiert einfach dozou. Duerno sinn ech dann nees richteg motivéiert, fir voll unzegräifen.

Am Wanter fiers du Cyclocross an am Summer bass du mam Mountainbike ënnerwee. Wéi kombinéiert ee béid Disziplinnen am beschten?

Dat geet zimlecht gutt: De Cyclocross ass meng absolut Prioritéit. Do wëll ech bei de regionale Coursse ganz vir matfueren, fir dann och beim Championnat gutt ofzeschneiden. Duerno maachen ech da méi lues. Am Moment bereeden ech mech op d'Saison am Mountainbike vir. Well et hei zu Lëtzebuerg net ganz vill Coursse ginn, sinn ech oft an der Belsch ënnerwee.

Au Luxembourg, tout le monde le connaît. Gusty Bausch fait partie de la scène cycliste nationale. Depuis des années, il obtient d'excellents résultats, surtout en hiver au cyclocross. À 37 ans, Gusty continue de compter parmi les meilleurs spécialistes du pays. Et il n'a pas l'intention d'arrêter avant longtemps. Domicilié à Brouch, il se sent vraiment à l'aise dans l'Ouest du pays, d'où il ne partira pas de si tôt.

Gusty, tu es très enraciné dans ton village natal de Brouch. Quelles sont les raisons de ta fidélité?

J'y ai grandi. Comme je me sens vraiment bien ici, je ne vois pas de raison de déménager vers un autre village. Ceci est mon chez moi. J'ai passé toute ma vie ici, avec ma famille: mes parents habitent à côté, ma grand-mère, un de mes frères, mon oncle... À Brouch, on vit tous très rapprochés. C'est important pour moi. Et puis, il y a mes amis et mes camarades. J'ai l'impressioin que la solidarité est particulièrement forte ici. Nous sommes une grande famille, ce qui n'est pas le cas pour d'autres endroits.

Qu'est-ce qui fait pour toi le charme de Brouch et de ses environs?

Je connais tout le monde. Les voisins sont de vrais amis. On discute ensemble, on ne se côtoie pas sans entrer en contact. Le village est petit et accueillant. C'est différent que de vivre dans une ville. En plus, en tant que club, nous sommes en bon accord avec la commune, où l'on s'engage avec conviction, puisque tout le monde se connaît et s'entraide.

Tu es en quelque sorte la mascotte du club cycliste local. Que deviendront les *Vëlosfrënn Bruch* une fois que tu arrêtes le cyclisme?

Actuellement, nous comptons une douzaine de membres et, pour la première fois, plusieurs jeunes talents. Mais c'est vrai que la pupart d'entre nous a dépassé la trentaine, et nous sommes bien conscients que nous ne roulerons pas éternellement. Mais il n'y a pas de raison de s'inquiéter, je n'ai pas l'intention d'arrêter.

Enn Mee wëll ech an Toppform sinn. D'Spiller vun de klenge Länner zu San Marino sinn en Zil. Ech hoffen do am Mountainbike kënnen ze starten. Duerno riichten ech mäi Fokus op dat nationaalt Championnat aus. Dat fënnt nämlech bei mir virun der Dier statt. Zu Bruch den Titel ze huelen, dat hätt schonn eppes ganz Besonnesches.

Du schaffs Vollzäit bei Creos. Ass et net schwéier, Aarbecht an Training mateneen ze verbannen?

Et brauch een einfach eng gewëssen Disziplin. Ech trainéieren am Moment zwou bis dräi Stonnen den Dag a schaffen aacht Stonnen. Dann ass den Dag natierlech séier gelaf an et bleift net méi ganz vill Zäit fir aner Beschäftegungen. Fir mech ass dat awer OK. Ech fuere jo gär Vëlo. Eng Qual ass dat wierklech net.

Wou kënnt dann déi Begeeschterung fir de Vëlossport hier?

Als Bouf hunn ech och Fussball gespillt a Liichtathletik gemaach, respektiv si Crosse gelaf. An der Liichtathletik hat ech e gewëssent Talent. Meng Bridder sinn awer Vëlo gefuer an esou sinn ech dann och op de Goût komm. Ech si mat hinne gefuer an hunn ëmmer misse schéin op d'Zänn bäissen, fir nozekommen. Ech sinn dee Jéngsten a wann ee kleng ass, maachen zwee Joer Ënnerscheed scho vill aus. Mat 14 Joer hunn ech richteg mat Vëlofueren ugefaangen. Bei mengen éischte Coursse sinn ech ëmmer dee Leschte ginn. Wéi ech mam Cyclocross ugefaangen hunn, konnt ech direkt gutt Resultater maachen. Ech war begeeschtert a si bis haut dobäi bliwwen.

Wuer fiers du dann am léifsten trainéieren? Am Weste vum Land ginn et jo vill schéin Ecker...

Wann ech mam Mountainbike ënnerwee sinn, fënnt ee mech meeschtens an der Géigend vun de Mamer Leeën. Tëschent Miersch a Mamer ginn et immens vill schéi Weeër, déi perfekt sinn, fir mam Mountainbike ze fueren. Aansebuerg, Mariendall... do ass et einfach schéin. Wann ech eleng duerch d'Bëscher an iwwert d'Wise fueren, fillen ech mech fräi a kann optimal ofschalten. Mam Stroossevëlo ass et och ganz einfach: Ech muss mech just viru menger Dier op den Drotiesel sëtzen: Vu Bruch aus kann een op ville gudden a schéine Stroosse fueren. Et kann een dem Trafic aus dem Wee goen. Dat ass wichteg, well et mat all den Autoe wierklech geféierlech ass. Ech géing de Leit virschloen, op Béiwen, dann op Viichten, Groussbus bis op de Stauséi ze fueren. Do ass ee roueg an d'Natur ass wonnerschéin. Oder et fiert ee bis op Biekerech. Do fënnt ee wonnerbar Stroossen a Vëlosweeër. Et muss ee sech nom Trafic riichten. Op de Stroosse gëtt et ze vill Egoismus an e Manktem u Respekt. Do muss nach vill dru geschafft ginn. Och vun der Politik muss do nach méi kommen.

J'espère même redevenir champion luxembourgeois. Jusqu'à présent, j'étais cinq fois parmi l'élite. Malheureusement, j'ai râté ma course en janvier à Remerschen. J'étais trop nerveux, j'ai commis des erreurs et décroché trop tôt. Mais j'ai encore de l'ambition, et je vais certainement continuer

Entre Mersch et Mamer, il y a des sentiers qui se prêtent parfaitement au VTT. Ansembourg, Marienthal,...

jusqu'à 40 ans. Il n'y a pas de raison pour que je laisse tomber, puisque je n'ai aucun problème de santé et que je suis toujours à la hauteur par rapport à la concurrence nationale. Alors pourquoi j'arrêterais? Et pour être honnête: mes 37 ans, je ne les sens pas. Ce qui importe cependant pour moi, c'est de faire une pause de temps en temps. Lors de l'entraînement ou d'une course, je m'engage à 100 pourcent. Mais quand je fais une pause, c'est le repos total. À ces moments, je me permets de sortir avec mes amis. Cela compte aussi. Après, je me sens à nouveau d'attaque.

En hiver, tu fais du cyclocross, en été du VTT. Comment fait-on pour combiner ces deux disciplines?

C'est assez facile: le cyclocross est ma priorité absolue. C'est dans cette discipline que je veux me trouver en tête, pour obtenir de bons résultats au championnat. Après, je ralentis. Pour le moment, je me prépare à la saison du VTT. Comme il n'y a que peu de courses au Luxembourg, je pars souvent en Belgique. Fin mai, je voudrais être en pleine forme. Les jeux des petits Etats d'Europe à San Marino sont un objectif. J'espère pouvoir y participer au VTT. Ensuite, j'ai dans le focus le championnat national qui aura lieu juste devant chez moi. Décrocher le titre à Brouch, ce serait un exploit extraordinaire.

Tu travailles à plein temps chez Creos. N'est-ce pas difficile d'associer le travail et l'entraînement?

Ce qu'il faut, c'est une certaine discipline. Actuellement, je m'entraîne deux ou trois heures par jour et travaille mes huit heures. À ce rhythme, les journées passent vite, et il ne reste pas beaucoup de temps pour autre chose. Mais pour moi, c'est ok, j'adore faire du vélo. Ce n'est vraiment pas une torture.

D'où vient ton enthousiasme pour le sport cycliste?

Lorsque j'étais gamin, j'ai également joué au foot, j'ai fait de l'athlétisme et du cross country. J'avais un certain talent pour l'athlétisme. Mais mes frères faisaient du cyclisme, et j'y ai pris goût, moi aussi. Je les ai accompagné, et j'ai bien dû serrer les dents pour les suivre. Je suis le cadet, et pour un enfant, deux ans de différence, c'est beaucoup. À 14 ans, j'ai sérieusement commencé à faire du cyclisme. Lors de mes premières courses, j'étais toujours le dernier. Mais dès que j'ai commencé avec le cyclocross, j'ai eu de bons résultats. J'étais motivé dès le début, et cela n'a pas changé.

Où est-ce que tu t'entraînes? Il y a de beaux coins dans l'Ouest du pays...

Pour faire du VTT, on me trouve le plus souvent près des *Mamer Leeën*. Entre Mersch et Mamer, il y a des sentiers qui se prêtent parfaitement au VTT. Ansembourg, Marienthal,... c'est vraiment beau par là. Lorsque je parcours forêts et prés, je me sens libre, et je me détends complètement. Pour faire du vélo de route, c'est facile. Je n'ai qu'à enfourcher ma bécane devant ma porte et prendre les belles routes autour de Brouch, tout en évitant le trafic. C'est important, car rouler entre les voitures, c'est vraiment dangereux. Ce que je pourrais proposer aux gens, c'est d'aller vers Boevange, Vichten, Grosbous, puis monter vers le lac de barrage. Là, vous serez au calme, et la nature est splendide. Ou alors, vous allez à Beckerich, où vous trouverez également d'excellentes routes et des pistes cyclables. Mais il faut toujours faire attention au trafic. L'égoïsme et le manque de respect règnent sur nos routes. Sur ce point, il reste du travail à faire, notamment du côté de la politique.

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange

Text: Marc Angel – insitu
Fotoen: Bett+Bike Deutschland, Interpub,
SIT Mersch, Michèle Thinnes, Jeannot Weber

Vakanz um Vëlo an der Regioun
Des vacances à vélo dans la région

Héich iwwert de Käpp dauscht ee Fliger. Déi zwee Kanner halen ee Moment stall a kucken an d'Luucht, leeën d'Hänn iwwert d'Aen, fir net vun der Sonn geblendt ze ginn. Wou soll deen hifléien?... Et sicht keen no enger Äntwert. D'ganz Famill pedaléiert a gemittlechem Tempo weider. Et ass rëm roueg, just d'Vigel zwitscheren, an heiansdo geet ee liichte Wand iwwert d'Wisen, laanscht déi de Vëloswee féiert.

Dass een, fir Rou an Entspanung ze fannen, net onbedéngt muss bis un d'Enn vun der Welt reesen, dat liicht jidferengem an, deen de Charme vun eiser Natur ze schätze weess. Och iwwert déi gesond an agreabel Aspekter vum Vëlofuere sinn déi meescht vun eis sech eens. Schued just, dass et dann, no engem flotten Ausfluch iwwer Land, spéitstens owes rëm heem an den Alldag geet. D'Kanner wäere secher déi lescht, déi dorop géifen halen – si hätte bestëmmt näischt dergéint, d'Abenteuer ze verlängeren, an emol eng oder méi Nuechten auswäerts ze schlofen. A fir eis Erwuessener ass et dach, looss mer et roueg zouginn, eng interessant Ofwiesslung, d'Schéinheete vun heiheem rëm nei a mat aneren Aen z'entdecken.

Ëmmer méi Leit si gewëllt, hir Vakanzen op eng nei Manéier ze verbréngen: de Vëlostourismus ass am Opschwong.

A villen europäesche Länner gëtt dat mat Begeeschterung zur Kenntnis geholl, an et ginn all méiglech Efforte gemaach, fir dësen Trend z'ënnerstëtzen, well schliisslech huet e praktesch nëmme schéi Säiten: en ass ëmweltfrëndlech, gutt fir d'Gesondheet a mat wéineg Onkäschte verbonnen. Lëtzebuerg, mat senge 600 km Vëlosweeër, huet sech et net huele gelooss, mat op deen Zuch – pardon, op dee Suedel – opzesprangen!

Den internationale Label bed+bike, dee bei eis 2011 agefouert gouf, zeechent Betriber aus, déi vëlosfrëndlech Iwwernuechtungen ubidden. Beroden a kontrolléiert ginn dës Betriber vun der Lëtzebuerger Vëlosinitiativ (LVI), sou dass d'Konditioune fir en agreablen Openthalt fir d'ganz Famill och sécher erfëllt ginn.

Zu deene Konditioune gehéieren ënnert anerem een ofschléissbare Raum fir d'Vëloen, ee Reparaturset mat deem néidege Geschir an d'Méiglechkeet, naass Kleeder an Equipement ze dréchnen. Ausserdeem kréie Vëlostouristen een extra vitamin- a kuelenhydraträiche Kaffisdësch zervéiert a kënne sech op der Plaz Kaarten a Guide kafen oder léinen, fir hir Ausflich ze plangen. A wiem et besser um Camping gefält, deen huet eng ofgegrenzten Zeltfläch fir net motoriséiert Gäscht zugutt. Net ze vergiessen si Vëlosfuerer, déi just op engem Dagesausfluch ënnerwee sinn, och a ville bed+bike-Betriber wëllkomm fir ee Maufel z'iessen.

An der Regioun Lëtzebuerg West gëtt et bis elo Adressen zu Biereng, Miersch an Huelmes. Vun do aus loosse sech Ausflich an all Richtungen a vun alle Schwieregkeetsgrade maachen. Vun de spektakuläre Buergen a Schlässer aus dem idylleschen Äischdall bis bei déi erhuelsam Fräizäitoffer um Mierscher Krounebierg bidde sech vill Méiglechkeeten, iwwert déi Der an de bed+bike-Betriber beschtens informéiert a berode gitt.

Au-dessus de leurs têtes, un avion gronde. Les deux enfants s'arrêtent un instant et jettent la tête en arrière, en protégeant, d'une main, leurs yeux du soleil. Où peut-il bien aller? … Personne ne cherche une réponse. Toute la famille se remet à pédaler sans hâte. Le calme est revenu, à part le chant des oiseaux et un vent doux qui passe au-dessus des prés le long de la piste cyclable.

Tout le monde confirmera qu'il n'est pas nécessaire de voyager jusqu'au bout du monde pour trouver la paix et la détente, surtout si l'on sait apprécier les beautés de nos paysages. On sera également d'accord en ce qui concerne les effets bénéfiques du cyclisme. Dommage cependant qu'une belle excursion dans la nature se termine en général par un retour au quotidien le soir. Les enfants seraient les derniers à y tenir – sans doute n'auraient-ils rien à redire à un prolongement de l'aventure sous forme d'une ou de plusieurs nuits passées sous un autre toit. Quant à nous autres adultes, admettons que ce serait un changement bienvenu de redécouvrir sous un nouvel angle les attractions touristiques de chez nous.

De plus en plus nombreux sont ceux qui choisissent de passer leurs vacances d'une manière inédite: le cyclotourisme connaît un essor prodigieux.

Dans bien des pays européens, on s'en réjouit, et les efforts pour soutenir cette tendance se multiplient. Pour cause, le cyclotourisme ne présente que des avantages: il est bénéfique à l'environnement, à la santé et au budget de chacun. Avec ses 600 km de voies cyclables, le Luxembourg a de bonnes raisons de sauter dans le train, ou plutôt sur le vélo en marche.

Les possibilités d'hébergement bénéficiant du label international bed+bike, introduit chez nous en 2011, sont reconnus pour leurs offres favorables au vélo. Conseillés et contrôlés par la *Lëtzebuerger Vëlosinitiativ (LVI)*, ces établissements remplissent toutes les conditions pour un séjour cycliste agréable.

Ces conditions comprennent entre autres un espace sécurisé pour les vélos, un set de réparation pourvu des outils nécessaires et la possibilité de sécher les vêtements et équipements mouillés. Par ailleurs les cyclotouristes auront droit à un petit-déjeuner riche en vitamines et en hydrates de carbone et pourront acheter ou emprunter sur place des cartes et des guides, afin de pouvoir planifier leurs excursions. Les amateurs de camping disposeront d'un espace réservé aux campeurs sans véhicule motorisé. A noter que les cyclistes journaliers désirant prendre un repas ou boire un verre sont également les bienvenus dans la plupart des locaux bed+bike.

La région Lëtzebuerg West dispose actuellement d'établissements bed+bike à Beringen, Mersch et Hollenfels, d'où partent des tours dans toutes les directions et de tous les degrés de difficulté. Des impressionnants châteaux de la vallée de l'Eisch à l'offre en loisirs variée du *Krounebierg* à Mersch, les possibilités sont nombreuses et vos hôtes se feront un plaisir de vous informer et de vous conseiller.

Bed+bike zertifizéiert Betriber an der Regioun Lëtzebuerg West: Les établissements bed+bike de la région Lëtzebuerg West :

bed+bike

www.bedandbike.lu

Hôtel Martha, Beringen
T: 26 32 04 05
www.gudd.lu

Hostellerie Val Fleuri, Mersch
T: 32 98 91 0
www.hostellerie.eu

Jugendherberg, Hollenfels
T: 30 70 37
www.youthhostels.lu

Camping Krounebierg, Mersch
T: 32 97 56
www.campingkrounebierg.lu

Text: Ralph Letsch
Fotoen: Archives Ministère des Sports

Nic. Frantz – Vainqueur du Tour de France 1927 et 1928

Op de Spuere vum Nicolas Frantz

Sur les traces de Nicolas Frantz

Seng Iwwerleeënheet ass esou grouss, datt d'Course « Tour de Frantz » ëmgedeeft gëtt.

Sa suprématie est telle qu'on parle du « Tour de Frantz ».

De Nicolas Frantz, och „Wiewesch Nik“ genannt, ass de 4. November 1899 zu Mamer op d'Welt komm (säi Gebuertshaus steet op der Nummer 9 an der rue du Baerendall). De Nicolas Frantz ass nach keng 13 Joer al, wéi en sech an de *Velo-Sport Mamer* aschreift. Fir d'éischt un der Liichtathletik an dono um Fussball interesséiert, entscheet e sech schliisslech fir de Vëlossport a gewënnt seng éischt Course am Juni 1914 zu Mamer.

Well den Éischte Weltkrich seng sportlech Aktivitéite gebremst huet, geet dem Nicolas Frantz seng Sportlercarrière eréischt 1920 richteg lass. Als Amateur gewënnt hien 1920 an 1921 eng sëlleche Courssen. Als onofhängege Cyclist gëtt en 1922 Lëtzebuerger Landesmeeschter op der Strooss. E gewënnt och de G.P. François Faber an imposéiert sech als Gesamtgewënner vum Tour de Belgique.

1923 trëtt de Nicolas Frantz der professioneller Vëlosequipe Thomann bäi. Nodeems e Landesmeeschter (am Cyclocross an op der Strooss) gëtt, rappt en sech och de G.P. François Faber a Paris-Calais ënnert de Nol, a klasséiert sech op déi zweete Plaz am Critérium des Aiglons an op déi drëtte Plaz am Tour de Belgique.

Nodeems en 1924 der professioneller Vëlosequipe Alcyon bäigetrueden ass, mécht de Nicolas Frantz bei sengem éischten Tour de France mat. Do gewënnt hien zwou Etappen a gëtt Zweeten am Generalklassement.

Den Nicolas Frantz séchert sech 1925 di véierte Plaz am Tour de France (4 Etappevictoiren) a klëmmt 1926 als Zweeten op de Podium (4 Etappevictoiren). 1927 an 1928 gewënnt hien den Tour de France mat respektiv 3 a 5 Etappevictoiren. Seng Iwwerleeënheet ass esou grouss, datt d'Course « Tour de Frantz » ëmgedeeft gëtt. Bis haut ass et den eenzege Coureur, deen de Gielen Trikot vum Ufank bis zum Enn vum Tour de France als Gewënner vun der vireger Editioun unhat. 1929 packt hien et mat 2 Etappevictoiren op déi fënnefte Plaz.

Zu den aneren Erfolleger vum Nicolas Frantz als Profifuerer ziele seng Victoirë vum Tour du Pays basque (1926), vu Paris-Bruxelles (1927), vu Paris-Rennes (1928), vu Paris-Tours (1929) a vu Paris-Nancy (1932), seng Titelen als Landesmeeschter op der Strooss (1923-1934), an och seng Plazen um Podium bei de Stroosseweltmeeschterschaften (e gëtt 1929 den Zweeten an 1932 den Drëtten).

Vun 1949 bis 1957 leet de Nicolas Frantz d'Lëtzebuerger Equippe beim Tour de France.

Dësen diskrete a reservéierte Mann huet säi ganzt Liewen zu Mamer als Familljepapp, Vëloshändler (säi Geschäft steet op der Nummer 108 op der Arelerstrooss) a Virsëtzende vum lokale Velo-Sport (vun 1935 un als Responsabele vun de Courssen an de Coureuren a vun 1946 bis un d'Enn vu sengem Liewen als President) verbruecht.

De Nicolas Frantz ass den 8. November 1985 zu Lëtzebuerg gestuerwen an ass zu Mamer um Kierfecht begruewen.

Zu Mamer gouf d'Sportshal no him genannt an hannert dem *Mamer Schlass* steet eng Skulptur zu senger Erënnerung an och zu där vum Josy Barthel, dem Goldmedailegewënner op den Olympesche Spiller vun 1952 zu Helsinki. Eng Plackett zu sengen Éieren steet bei der Villa Vauban am Park vun der Stad Lëtzebuerg.

Den 12 km-laange Vëloswee PC13, dee vu Stroossen op Stengefort, iwwer Mamer, Holzem a Garnech féiert, ass och no him genannt ginn.

Nicolas Frantz, dit « Wiewesch Nik », est né le 4 novembre 1899 à Mamer (sa maison natale se situe au 9 rue du Baerendall). Alors qu'il n'a pas encore atteint l'âge de 13 ans, Nicolas Frantz s'inscrit au *Velo-Sport Mamer*. Intéressé d'abord par l'athlétisme et le football, il finit par se décider pour le cyclisme et gagne sa première course en juin 1914, à Mamer.

La Première Guerre mondiale ayant mis un frein aux activités sportives, la carrière sportive de Nicolas Frantz ne démarre que 1920. En tant qu'amateur, il gagne un nombre impressionnant de courses en 1920 et 1921. Cycliste indépendant en 1922, il devient Champion du Luxembourg sur route, gagne le G.P. François Faber et s'impose comme vainqueur final du Tour de Belgique.

Nicolas Frantz intègre l'équipe cycliste professionnelle Thomann en 1923. Champion du Luxembourg (« cross cyclopédestre » et « sur route »), il termine premier du G.P. François Faber et de Paris-Calais, deuxième du Critérium des Aiglons et troisième du Tour de Belgique.

Après avoir rejoint l'équipe cycliste professionnelle Alcyon en 1924, Nicolas Frantz participe à son premier Tour de France. Victorieux de 2 étapes, il termine ce tour à la deuxième place au classement général.

Nicolas Frantz finit quatrième du Tour de France en 1925 (4 victoires d'étape) et deuxième en 1926 (4 victoires d'étape). Il gagne le Tour de France en 1927 (3 victoires d'étape) et en 1928 (5 victoires d'étape). Sa suprématie est telle qu'on parle du « Tour de Frantz ». À ce jour, il est le seul coureur ayant porté le maillot jaune du début à la fin d'un Tour de France en tant que vainqueur de l'édition précédente. Il termine encore cinquième en 1929 (2 victoires d'étape).

Parmi les autres succès de Nicolas Frantz en tant que cycliste professionnel, on peut citer ses victoires du Tour du Pays basque (1926), de Paris-Bruxelles (1927), de Paris-Rennes (1928), de Paris-Tours (1929) et de Paris-Nancy (1932), ses titres de Champion du Luxembourg sur route (1923-1934), ainsi que ses places sur le podium aux championnats du monde sur route (deuxième en 1929 et troisième en 1932).

Nicolas Frantz a dirigé les équipes luxembourgeoises aux Tours de France de 1949 à 1957.

Homme discret et réservé, le cycliste a passé toute sa vie à Mamer comme père de famille, commerçant de cycles (son magasin se situe au 108 route d'Arlon) et dirigeant du Velo-Sport local (en tant que responsable des courses et des coureurs à partir de 1935 et comme président de 1946 jusqu'à sa mort).

Nicolas Frantz s'est éteint à Luxembourg le 8 novembre 1985 et repose au cimetière de Mamer.

À Mamer, le hall sportif porte son nom et à l'arrière du *Mamer Schlass* se trouve une sculpture à sa mémoire et celle de Josy Barthel, champion olympique en 1952 à Helsinki. Une plaque commémorative est installée près de la Villa Vauban dans le parc municipal à Luxembourg.

La piste cyclable PC13, qui s'étend sur 12 km de Strassen à Steinfort, en passant par Mamer, Holzem et Garnich, a également été nommée d'après lui.

Text: Michèle Thinnes

Aktuell LEADER-Projeten an der Regioun Lëtzebuerg West:

Projets LEADER actuels dans la région Lëtzebuerg West:

HistoSchool – Lokal Geschicht an der Schoul

Ausschaffe vun Unterrechtsmaterial an Aktivitéite fir d'Grondschoulen zum Thema Geschicht, mat spezifeschem Bezuch zur Geschicht vun der Regioun an dem Uert.
Élaboration de matériel d'enseignement et d'activités pour les écoles fondamentales sur le sujet de l'histoire, avec un accent particulier sur l'histoire régionale et locale.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West
Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West

WestTrails

Inventaire vun de bestoende Wanderweeër an der Regioun.
Inventaire des sentiers de randonnée existants dans la région.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West
Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West

RIKO – Regional Informatioun a Kommunikatioun

Ëffentlechkeetsaarbecht vun der LAG Lëtzebuerg West: Regionalmagasinn, Newsletter, digital Optrëtter, Veranstaltungen.
Travail de relations publiques du GAL Lëtzebuerg West : Magazine régional, bulletin d'information, présence numérique, événements.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West
Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West

Mam Vëlo am Westen 2

Beschëlderung vun de Vëlosweeër, Opstelle vun Iwwersiichtspanneauen, Vëlo-Locatiounssystem, Vëloskaart.
Signalisation des voies cyclables, élaboration de panneaux d'information, système de location de vélos, carte des voies cyclables.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West
Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West

Geschichte vum Duerf

Zesummestelle vu perséinlechen Erënnerunge vun den Awunner aus der Regioun, als Deel vun der Geschicht vun der Regioun.
Compilation de souvenirs personnels des habitants de la région en tant que partie de l'histoire régionale.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Kultrun asbl

Mysteriespill: Den Doud a sengen Äerm

Zeenen- a Mysteriespill ronderëm eng Episod aus der Geschicht vum Duerf Simmer a senger Mäerteskierch.
Mystère mettant en scène un épisode de l'histoire du village de Septfontaines et de l'église Saint-Martin qu'elle abrite.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Festcomité 700 Joer Mäerteskierch Simmer asbl

KlimBera

Opstelle vun enger regionaler Plattform zum Thema Klima, Kommunikatioun, Sensibiliséierung a Weiderbildung.
Élaboration d'une plateforme régionale sur le thème du climat, communication, sensibilisation et formation continue.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West
Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West

LINC 2017

Organisatioun vun der LINC (LEADER Inspired Network Community)-Konferenz 2017 zu Lëtzebuerg.
Organisation de la conférence LINC (LEADER Inspired Network Community) 2017 à Luxembourg.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Lokal Aktiounsgrupp Éislek zesumme mat den LAGe Lëtzebuerg West, Atert/Wark, Mëllerdall a Miselerland
Groupe d'Action Locale Éislek ensemble avec les GAL Lëtzebuerg West, Atert/Wark, Mëllerdall et Miselerland

D'une villa romaine à l'autre au pays des Trévires

Mise en valeur vun de réimesche Sitten an de Regioune Lëtzebuerg West an Haute-Sûre Forêt d'Anlier (B).
Mise en valeur des sites romains dans les régions Lëtzebuerg West et Haute-Sûre Forêt d'Anlier (B).

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
D'Georges Kayser Altertumsfuerscher asbl zesumme mam GAL Haute-Sûre Forêt d'Anlier
D'Georges Kayser Altertumsfuerscher asbl avec le GAL Haute-Sûre Forêt d'Anlier

ARmob – Antike Realität mobil erleben

Kreatioun vun enger Applikatioun mat 3D-Rekonstruktioun vun archeologeschen Objeten.
Création d'une application avec reconstruction 3D d'objets archéologiques.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Universitéit Tréier zesumme mat de Lokalen Aktiounsgruppe Miselerland, Lëtzebuerg West a Mëllerdall a sechs weideren däitschen LAGen
Université de Trèves avec les Groupes d'Action Locale Miselerland, Lëtzebuerg West et Mëllerdall et six autres GAL allemands

Vorbereitungen zu CultTrips 2

Virbereedunge fir en transnationale Projet am Beräich Slow Travel.
Préparatifs pour un projet transnational dans le domaine du Slow Travel.

➔ Projetsdréier / Porteur de projet:
Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West
Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West

Text: Michèle Thinnes
Fotoen: David Laurent

Den Doud a sengen Äerm

700 Joer sinn et hier, dass d'Mäerteskierch zu Simmer geweit gouf. Fir d'Bierger vu Simmer war dëst Ulass genuch fir de *Festcomité 700 Joer Mäerteskierch Simmer asbl* ze grënnen. Iwwert d'Joer 2017 ginn eng Rei kulturell Veranstaltungen organiséiert, dorënner och den Trauliichtmaart am alen Duerfkär de 16. September.

Fir de Bierger aus der Regioun d'Geschicht vun der Mäerteskierch, déi säit 1961 ënnert Denkmalschutz steet, méi no ze bréngen, gëtt deen Dag d'Mysteriespill „Den Doud a sengen Äerm" opgefouert. **An der Traditioun vum mëttelalterleche Mysteriespill gëtt en Theaterstéck opgefouert,** dat d'Geschicht vun der Mäerteskierch, souwéi déi besonnesch Verbindung vum Thomas von Siebenborn mam Keeser Heinrich VII., dem éischte Lëtzebuerger Keeser um däitschen Troun, opliewe loosse soll. D'Mäerteskierch zu Simmer bilt den historeschen Hannergrond fir d'Mysteriespill.

An Zesummenaarbecht mam LEADER-Büro huet de *Festcomité 700 Joer Mäerteskierch Simmer asbl* eng Ufro fir eng finanziell Ënnerstëtzung vum Mysteriespill am Kader vun engem LEADER-Projet bei der Lokaler Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West gestallt. Nodeems de Projet all d'Critèren un e LEADER-Projet erfëllt, kann d'Vereenegung vun enger finanzieller Kofinanzéierung an Héicht vun 71% profitéieren.

L'église Saint-Martin à Septfontaines célèbre les 700 ans de sa consécration. Les habitants de Septfontaines ont tenu à marquer le coup en fondant le *Festcomité 700 Joer Mäerteskierch Simmer asbl*. Une série d'événements culturels seront organisés tout au long de l'année 2017, dont le *Trauliichtmaart* (un marché d'artisanat et d'art), qui se déroulera dans le noyau historique du village le 16 septembre.

Pour sensibiliser les habitants de la région à l'histoire de l'église Saint-Martin, qui est classée monument historique depuis 1961, le mystère « Den Doud a sengen Äerm » sera représenté le même jour. **Dans la tradition du mystère médiéval, cette pièce de théâtre retracera l'histoire de l'église Saint-Martin,** de même que le lien spécial qu'entretenaient Thomas de Septfontaines et l'empereur Henri VII, le premier empereur luxembourgeois sur le trône allemand. L'église Saint-Martin à Septfontaines servira de décor historique à cette pièce de théâtre.

En collaboration avec le bureau LEADER, l'association *Festcomité 700 Joer Mäerteskierch Simmer* a soumis une demande de soutien financier du mystère dans le cadre d'un projet LEADER auprès du Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West. Étant donné que le projet remplit l'ensemble des critères d'un projet LEADER, l'association peut maintenant bénéficier d'un cofinancement à hauteur de 71 %.

Mysteriespill/Mystère: Den Doud a sengen Äerm

Regie: / Mise en scène:
Frank Hoffmann

Wéini: / Quand:
16.9.2017
18:00/20:00/ 22:00 Auer

Wou: / Où:
Mäerteskierch Simmer
Église Saint-Martin à Septfontaines

www.simmer700.lu

Text: Michèle Thinnes
Fotoen: Sarita Brown, Michèle Thinnes

LINC 2017

LINC steet fir „LEADER inspired Network Community", mat dëser Initiative soll den Austausch an d'Vernetzung zwëschen den europäesche LEADER-Regioune gefuerdert ginn. An dësem Sënn fënnt säit 2010 all Joer eng Konferenz statt.

Dëst Joer huet Lëtzebuerg agelueden an huet vum 9. bis den 11. Mee LEADER-Regiounen aus ganz Europa empfaangen. Am ganze waren iwwert 300 Participanten aus 19 verschiddene Länner derbäi.

D'Konferenz ass mat enger feierlecher Eröffnungszeremonie an engem gemeinsamen Owesiessen an der Larei zu Veianen ageleet ginn. Den zweeten Dag stoung ganz am Zeeche vun de verschiddene LEADER-Regioune vu Lëtzebuerg. Op der Excursioun an d'Regioun Lëtzebuerg West hunn d'Participanten en ofwiesslungsräiche Programm mat engem Kachcours, engem geschichtlechen Optrëtt an enger Visite vun der Gäert vun Aansebuerg erlieft. De LINC-Walk mat der uschléissender Ofschlossfeier de leschten Dag waren de kréinenden Ofschloss vun der Konferenz.

LINC signifie « LEADER inspired Network Community ». Il s'agit d'une initiative visant à encourager l'échange et la création de liens entre les régions LEADER européennes. Depuis 2010, une conférence à ce sujet a lieu une fois par an.

Cette année, ce fut au Luxembourg d'accueillir, du 9 au 11 mai, des représentants des régions LEADER de toute l'Europe. En tout 300 participants provenant de 19 pays différents étaient de la partie.

La conférence débuta avec une cérémonie d'ouverture solennelle, suivie d'un dîner commun à la Larei à Vianden. La deuxième jounée était placée sous le thème des différentes régions LEADER du Luxembourg. Lors d'une excursion dans la région Lëtzebuerg West, les participants purent assister à un programme varié comprenant un cours de cuisine, une représentation historique et une visite des jardins d'Ansembourg. Lors de la dernière journée, une promenade LINC suivie d'une fête de clôture marquèrent la fin de la conférence.

Text: Natalia Sanchez
Fotoen: ASCHMAN Pol, MEY Théo, Copyright Photothèque VdL

Deemols...

Autrefois...

Parallel zu de markante Fakten an de politeschen, ekonomeschen a sportlechen Evenementer, zielen eng ganz Rëtscht kleng, perséinlech Anekdoten zur Geschicht vun enger Regioun oder hu se souguer gepräägt. Well dës Geschichten awer ganz oft net niddergeschriwwe ginn, gi se mat der Zäit verluer. Kultrun asbl huet beschloss, dëser Situatioun entgéintzewierken, a wëll elo Temoignagen a perséinlech Souvenire vun den Awunner vun der Regioun zesummendroen a se am Kader vum LEADER-Projet „Geschichte vum Duerf“ en Valeur setzen.

An enger éischter Etapp soll de Projet d'Temoignagen oder d'Geschichte vu Persounen oder Familljen, déi an den aacht Gemenge vun der Regioun Lëtzebuerg West wunnen, zesummendroen. Am Kader vum Projet gëtt eng journalistesch an ethnographesch Recherche gemaach, fir Temoignagen ze sammelen, déi di lokal Kultur, de Phenomen vun der Immigratioun an der Integratioun, d'Traditiounen, de Krich, den historeschen, sozialen a kulturelle Patrimoine an aussergewéinlech Liewenssituatioune vun den Awunner vun der Regioun Lëtzebuerg West erëmspigelen. An enger zweeter Etapp soll e Buch an/oder e Video, Fotoen an eng CD mat den Temoignagen entworf ginn.

Parallèlement aux faits majeurs et aux événements politiques, économiques et sportifs, de nombreuses petites anecdotes personnelles font partie de l’histoire d’une région ou l'ont même marquée. Or, la plupart du temps, ces histoires n’ont pas été recueillies et se perdent avec le temps. Kultrun asbl a décidé de remédier à cette situation et entend rassembler les témoignages et souvenirs personnels des habitants de la région et les mettre en valeur dans le cadre de son projet LEADER *Geschichte vum Duerf*.

Dans une première étape, le projet vise à recueillir des témoignages ou des histoires de personnes ou familles vivant dans les huit communes de la région Lëtzebuerg West. Au cours du projet, une recherche journalistique et ethnographique sera menée pour recueillir des témoignages qui reflètent la culture locale, le phénomène de l'immigration et de l'intégration, les traditions, la guerre, le patrimoine historique, social et culturel et des situations de vie extraordinaires des habitants de la région Lëtzebuerg West. Dans une deuxième étape, le projet a pour objectif de créer un livre et/ou une vidéo, des photographies et un CD contenant les témoignages.

Sidd Dir virun 1950 gebuer?
Vous êtes né(e) avant 1950 ?

Wunnt Dir an der Regioun Lëtzebuerg West?
Vous vivez dans la région Lëtzebuerg West ?

Dann deelt eis Är Liewensgeschicht mat!
Alors partagez votre histoire de vie avec nous !

Mir freeën eis, Iech kennenzeléieren!
Nous nous réjouissons de vous rencontrer !

Kultrun asbl
Natalia Sanchez / Lex Gillen
T: 621 389 102 / 661 258 029
E: kultrunasbl@pt.lu

Agenda

Datum / Date	Veranstaltung / Evénement	Uert / Lieu	Weider Infoen / Plus d'informations
2.5.-22.7.2017	Ausstellung VISàVIS	Kulturhaus Mersch	www.kulturhaus.lu
Juni / Juin			
4.6.2017	Helpermaart	Buschdorf	www.helpermaart.lu
13.6.2017	Konferenz « La rénovation énergétique durable »	Koerich	www.myenergy.lu
16.6.2017	Instrumente-Parcours fir déi Kleng	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
17.6.2017	Krimidinner	Koschteschbau, Tuntange	www.tuntange.lu
18.6.2017	Concerts de Koerich	Koerich	www.koerich.lu
21.6.2017	Serge Tonnar & Legotrip	Kinneksbond, Mamer	www.kinneksbond.lu
Juli / Juillet			
2.7.2017	Chœur de chambre Luxembourg	Septfontaines	www.simmer700.lu
2.7.2017	Ensemble vocal VIVACE	Steinfort	www.steinfort.lu
7.7.2017	Owes- & Ëmwelt-Maart	Steinfort	www.steinfort.lu
8.7.2017	Garnech bewegt sech	Garnich	www.garnich.lu
9.7.2017	En Dag um Bauerenhaff	Goeblange	www.centralepaysanne.lu
14.7.2017	Die Physiker, Theaterschoul Yolandin	Kulturhaus Mersch	www.yolandin.lu
17.-31.7.2017	Visite guidée du Syndicat des Eaux du Sud	Koerich	www.ses.lu
21.7.2017	Marché de nuit	Mamer	www.mamer.lu
18.7.-15.8.2017	Visite guidée de la ville	Mersch	www.guttland.lu
19. & 26.7.2017	Visite guidée du Musée archéologique et de la Villa Romaine	Goeblange	www.guttland.lu
28.-29.7.2017	Cinema en plein air	Mersch	www.mersch.lu
30.7.2017	Concert apéro, Militärmusek	Kiosque, Steinfort	www.steinfort.lu
August / Août			
5.-6.8.2017	Vintage Cars & Bikes	Steinfort	www.steinfort.lu
18.-20.8.2017	Kolla Festival	Steinfort	www.steinfort.lu
26.8.2017	Marche populaire IVV	Boevange	www.wf-brouch.lu
September / Septembre			
10.9.2017	Enelter Maart	Reckange	www.dt-recken.com
16.9.2017	Trauliichtmaart & Mysteriespill	Septfontaines	www.simmer700.lu
30.9.-1.10.2017	Kürbisfest	Beringen	www.kuerbis.lu

LEADER
Lëtzebuerg West

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

FSC
www.fsc.org
MIXTE
Papier issu de
sources responsables
FSC® C103749

Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung
des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete